N°5313
Reçue le 13.01.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'aménagement
du territoire

Réponse de Monsieur le ministre de l'Aménagement du territoire et de Monsieur le ministre du Logement à la question parlementaire n°5313 du 30 novembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant « Terrains à bâtir détenus par l'État ».

---

1. Wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn (Gemeng, Fongen, Staat), goufen an deene leschte 5 Jore bebaut? Wéi vill Wunnenge fir wéi vill Persoune goufen op dësen Terraine gebaut?

Am Mee 2022, wann de Monitoring vum Pacte Logement 1.0 ofgeschloss ass, wäert et méiglech sinn ze wëssen, wéi vill Bauland innerhalb vun deene Gemenge consomméiert ginn ass, déi beim Pacte Logement matgemaach hunn an déi eng CDA, IVL oder Standard-Konventioun ënnerschriwwen hunn. Doriwwer eraus verfüügt d'Regierung net iwwert déi gesamt Informatiounen fir méi präzis ob dës Fro ze äntweren.. Ee vun de Ziller vum Raum$^+$ ass fir kënnen, a Zukunft, esou Informatiounen ze liwweren.

2. Opgeschlësselt no Kanton, wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, sinn aktuell nach net bebaut?

De folgenden Tablo gëtt un, wéi vill Wunnbauland pro Typ vun ëffentleche Proprietär et an deenen eenzele Kantone gëtt. Dëst bezitt sech op déi 89 Gemengen, déi bis ewell analyséiert gi sinn.

Potentiel foncier pour l'habitat par type de propriétaire public selon les cantons* en 2020/2021 en hectares

CANTON	COMMUNE OU SYNDICAT DE COMMUNES	ÉTAT	FONDS**	TOTAL PUBLIC
Capellen	8	0	22	30
Clervaux	5	0	2	7
Diekirch	8	2	5	15
Echternach	5	1	10	16
Esch-sur-Alzette	67	19	39	125
Grevenmacher	11	1	1	13
Luxembourg	116	21	72	209
Mersch	10	3	1	14
Redange	8	1	7	16
Remich	8	1	0	8
Vianden	2	0	0	2
Wiltz	18	10	22	51
TOTAL	**265**	**61**	**179**	**505**

* 89 communes analysées
** Fonds du Logement, Fonds d'urbanisation et d'aménagement du Kirchberg, Fonds de compensation commun au régime général de pension, Agora, SNHBM (Agora et SNHBM étant des entités de droit privé)

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
Tél. 2478-6917
Fax 40 89 70
coordination@mat.etat.lu
www.amenagement-territoire.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Sources: Observatoire de l'Habitat - ministère du Logement, Observatoire du Développement Spatial - Département de l'aménagement du territoire, ProRaum, 2021.

3. Wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, ginn de Moment bebaut?

D'Regierung verfüügt net iwwert déi gesamt Informatiounen fir méi präzis ob dës Fro ze äntweren.

4. Fir wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, leit nach kee PAP vir?

D'ëffentlech Hand huet am ganze 505 Hektare Bauland fir Wunnzwecker. Dovunner si :

- 46 Hektare Baulücken,
- 207 Hektare Bannenentwécklungspotenzialer an
- 252 Hektare Baussereserven.

Déi 3 Kategorien vun Potenzialer léien alleguerten innerhalb vum Bauperimeter, och d'Baussereserven

Bei de Bannenentwécklungspotenzialer an de Baussereserven zesummegeholl leien bei 71 Hektare ee geneemegte PAP vir a bei 388 Hektare läit nach kee vir. Zousätzlech leien bei 24 Hektare vun de Baulücken och ee PAP vir. Heibäi ass ze bemierken, datt bei de PAG'en, déi nom Gesetz vu 2004 opgestallt gi sinn (an net digital zur Verfügung stinn), de Stand vun de akzeptéierte PAP'en d'Joer 2016 ass.

5. Fir wéi vill Hektar Bauland, déi am Besëtz vun der ëffentlecher Hand sinn, leien nach keng Baugeneemegunge vir?

D'Regierung verfüügt net iwwert déi gesamt Informatiounen fir méi präzis ob dës Fro ze äntweren.

Luxembourg, le 12 janvier 2022
Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire
Ministre de l'Aménagement du territoire
(s.) Claude TURMES